ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, de 26. Oktober 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsministesch weiderzeleeden.

D'Dokteren am Land hunn een Archiv mat vertraulechen Informatioune vun hire Patienten.

An dësem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Madamm Gesondheetsministesch:

1. Wéi ginn d'Rechter an d'Privatsphär vu senge fréiere Patiente geschützt wann en Dokter an d'Pensioun geet oder stierft ier hien ophält mat Praktizéieren?
2. Wat geschitt da mat sengen Archiven an all deene vertraulechen Donnéeën aus de Patientendossieren?

3. Ginn et gesetzlech virgesinne Prozeduren zu dësen zwou Froen?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten